Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. September 2023

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Patienten, déi eng kardiologesch Ënnersichung verschriwwen kréien, ginn am CHL aktuell zeréckgewisen, well d'Kapazitéiten duerch eng erhéicht Demande iwwerlaf sinn an duerfir just nach schwéier a komplex Fäll, déi eng héich Spezialisatioun erfuerderen, ugeholl ginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Minister gär dës dréngend Froe stellen:

1) Op wéi enger interner Uweisung berouen dës Refusen? Wéi goufen d'Krittären definéiert, fir iwwert d'Akzeptanz vun engem Patient ze decidéieren a wie muss ofschléissend doriwwer befannen?
2) Wéi vill Patienten waren säit dem 1. Januar 2023 vun dëser Decisioun betraff an u wéi eng alternativ Ariichtunge kënnen si sech adresséieren?
3) Säit wéini besteet dës Situatioun? Kann d'Madamm Minister an deem Zesummenhang d'Zuelen vun den Demande fir kardiologesch Ënnersichungen a Behandlungen aus dem Zäitraum 2010 bis 2023 matdeelen an d'Zuel vun den Demanden pro Dokter wärend de genannte Jore preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten